


BULLETIN COMMUNAL LAROCHETTE



SUMMER 2026



SOMMAIRE

03	PRÉFACE
07	QUIZ
10	DÉLIBÉRATIONS
28	SERVICE TECHNIQUE
46	VIE COMMUNALE
74	VIE ASSOCIATIVE
104	NATUR- & GEOPARK MÖLLERDALL
108	DONNÉES DE L'ÉTAT CIVIL

OPRUFF / APPEL :

Schéckt eis Är Fotoen, Texter, Reportagen a
Rapporten vun Ärem Veräin eran.

Envoyez-nous les photos, textes, reportages et
rapports de votre association.

Kontakt / Contact :
Tourist Info Larochette
info@visitlarochette.lu

Bulletin Communal de Larochette 1 | 2026

Rédaction :
**SECRETARIAT DE L'ADMINISTRATION COMMUNALE DE
LAROCHETTE / TOURIST INFO LAROCHETTE**
Mise en page : Molotov Design Sàrl - Larochette
Couverture : Edmée Koch
Impression : Imprimerie Schlimé
www.larochette.lu

molotov | Atelier graphique

Léif Biergerinnen a Bierger,

LU Wéi dir bestëmmt alleguerten an deene leschte Woche gemierkt hutt, hate mir am Joer 2026 e puer Wiesselen an eisem Gemengerot.

D'Mme Heintz an d'Mme Silvasinn aus verschiddene Grënn aus dem Gemengenrot zeréck getrueden.

Ech wëll hinnen op dëser Plaz Merci soe vir hiert Engagement an déi Zäit, déi si fir eis Gemeng investéiert hunn. Den zwee nei gewielte Conseilleren bei den Komplementarwalen vum 7. Juni, der Mme Feyerstein an dem Här Deischer, wënschen ech eng glécklech Hand op e gutt Zesummeschaffen fir d'Wuel vun eiser Gemeng.

Och e Wiessel gouf et am Schäfferot. Eisen 1. Schaffen, den Här Luc Jemming huet sech dozou entscheet, méi lues ze maachen a gouf duerch den Här Joël Weis ersat, deen de 5. Juni vereedegt gouf.

Ech si frou, lech hei ee puer weider Informatiounen zu eise ville Chantieren an der Fiels ze ginn:

Wat de Bau vun eiser neier Maison relais ugeet, esou sinn ech frou, lech soen ze kënnen, dat d'Baggeren zanter Mee elo endlech vis-à-vis vun der Fielser Schoul lafen.

An der Miedernacherstrooss (N14) sinn d'Aarbechten um Kanal an un der Wasserleitung ofgeschloss. De Chantier huet duerch schlechte Buedem an archeologesch Ënnersichunge leider Verspéidung kritt, esou datt méi laang geschafft huet misste ginn, wéi dat eigentlech ursprüngelech geplangt war. Mir wëllen lech op dëser Plaz dowéinst och villmools Merci soe vir Är Gedold.

Dëse groussen Opwand ass awer och ee weidert an immens wichtegt Investissement an d'Infrastrukture vun eiser Gemeng. Wat eis als Schäfferot ganz besonnesch um Häerz leit, ass datt mir fir d' Sécherheet vun eise Kanner a fir lech Alleguerten eng 30ger-Zon an Ugrëff huele bei der Schoul.

D'Aarbechte vum a ronderëm d'Verleeën vum Glasfaser an der Broutgaass, der Hënneschtergaass an am Millewee sinn ofgeschloss. Fir d'ganz Gemeng un de Glasfaser unzuschléissen, bleiwen nach d'Rue de Larochette zu lerez an d'Rue d'Ernzen an der Fiels. Och hei kommen d'Aarbechte



gutt virun, esou datt mir dovunner ausginn, bis Enn vum Joer fäerdeg ze sinn.

Och déi zwee Petanquesterrainen an der Miedernacherstrooss goufen erneiert a komplett ersat. Déi al Heck gouf iwwerdeems och schonns duerch eng nei ersat. Och sollen nei Sëtzmeiglechkeeten derbäi kommen. Ausserdeem hu mir wëlles, dat besteeënd Haischen duerch een neit ze ersetzen.

Wat d'Reewaasser-Rückhaltebecken zu lerez betrëfft, esou si mir houfreg, lech soen ze kënnen, datt d'Aarbechte geschwé fäerdeg sinn.

Vun Mëtt Juni un, si mir dann amgaangen de Fussballsterrain um Birkelt z'erneieren. Hei gi kleng Aarbechte ronderëm de Fussballsterrain gemaach an de syntheetesche Belag vum Terrain selwer gëtt zudeem och gewiesselt.

Eise Schäfferot huet an de leschte Wochen eng Alternativ ausgeschafft, fir eng 30ger-Zon an der Mierscherstrooss ze schafen. An dësem Fall hu mir ee spezialiséierte Bureau engagéiert, deen eis dësen Dossier soll esou preparéieren, fir di verschidden Demandë bei de jeeweilegen Administratiounen ofzeginn.

D'Sanitärsaarbechten an d'Aarbechten am Hal vun der Schoul sollen an der Summervakanz realiséiert ginn. Hei ginn d'Sanitärberäicher komplett ersat duerch modern an adequat Mobilien. Och den Entrées-Beräich vun der Schoul wäert komplett erneiert ginn. Mir hunn zesumme



mam Schoulpersonal eng flott nei Iddi ëmgesat, fir dass eis Kanner sech an Zukunft méi wuel an hirer Schoul fillen.

Dir gesitt, et gött ganz vill an eis Gemeng investéiert. Dat heescht awer op der anerer Säit och, datt niewent dem Invest an dem Budget natierlech och vill Chantieren zurzäit an eiser Gemeng lafen. Et ass nun awer och esou, datt d'Chantieren net ëmmer sou verlafen, wéi mir eis dat idealerweis virstellen. Och mir sinn dann net frou, mee sidd versécher, datt mir alles probéieren, fir ëmmer déi beschte Léisung vir jiddereen ze fannen.

Mir investéieren weiderhin an d'Zesummeliwwen an eiser Gemeng. E Mëttelelterfest ass geplangt op der Bleech um Weekend vum 15. August. Eng nei Editioun vum Rali do Fado ass fir den 12. September geplangt mat engem opreegenden Mix tëschent lëtzebuerger Musek a portugiseschem Fado - dat Ganz ass geplangt a verschiddene Bistron an der Fiels an awer och op der Bleech. Eise Wantermaart wäert och dëst Joer am Dezember stattfannen.

E grouse Merci geet un eis Kommissiounen, déi esou vill Aktivitéit fir eis Gemeng organiséieren. Sief et d'Rentnerfest, den Thé dansant, de Petanque-Tournoi, d'Nuit du sport... a ganz vill aner Aktivitéiten. Ee grouse Merci un Iech allegueren, fir datt Dir weider dës Aktivitéit bäibehaalt.

E weidere Merci geet selbstverständlech och un all déi Veräiner, déi mat hiren Aktivitéiten eppes fir eis Duerfliewe maachen. Dat ass immens wichteg, zumools an enger Zäit, wou mir de Moment liwwen - d'Zesummesetzung kann eis Gesellschaft nëmme stäerken. An all Fest, dat mir hunn, dréit dozou bäi, datt d'Leit aus eiser Gemeng a vu ronderëm, zesumme kommen.

Zu gudder Läscht wëll ech dann och dem Fielser Basket BBC Arantia felicitéieren. No 56 Joer hunn si et fäerdeg bruecht, d'Coupe de Luxembourg erëm mat an d'Fiels ze bréngen. Gratulatioun dofir.

Ech wënschen Iech all ee wonnerschéinen, erhuelen Summer. Mir wäerten eis bestëmmt op deem engen oder aneren Fest begéien.

Mirko Martellini
Buergermeeschter

Chères concitoyennes, chers concitoyens,

FR Comme vous l'avez sans doute tous constaté au cours des dernières semaines, l'année 2026 a été marquée par quelques changements au sein de notre Conseil communal.

Madame Heintz et Madame Silva ont, pour des raisons différentes, quitté le Conseil communal. Je tiens à leur exprimer mes sincères remerciements pour leur engagement et pour le temps qu'elles ont consacré à notre commune.

Aux deux nouveaux conseillers élus lors des élections communales complémentaires du 7 juin, Madame Feyerstein et Monsieur Deischer, je leur souhaite plein succès dans l'exercice de leur mandat ainsi qu'une excellente collaboration au service du bien-être de notre commune.

Des changements sont également intervenus au sein du Collège échevinal. Notre premier échevin, Monsieur Luc Jemming, a décidé de réduire son activité et a été remplacé par Monsieur Joël Weis, qui a prêté serment le 5 juin dernier.

Je suis heureux de pouvoir vous donner à présent quelques informations sur les nombreux chantiers en cours dans notre commune de Larochette :

Concernant la construction de notre nouvelle maison relais, je suis particulièrement heureux de vous annoncer que les travaux de terrassement ont enfin débuté au mois de mai, juste en face de l'école fondamentale.

Dans la Rue de Medernach (N14), les travaux relatifs au canal et à la conduite d'eau sont désormais achevés. Ce chantier a malheureusement subi des retards en raison de la mauvaise qualité du sol ainsi que d'investigations archéologiques, ce qui a prolongé la durée des travaux bien au-delà du planning initial. Nous tenons, à cet égard, à vous remercier sincèrement pour votre patience et votre compréhension.

Cet important chantier constitue néanmoins un investissement majeur dans les infrastructures de notre commune.

La sécurité de nos enfants et de l'ensemble des usagers de la route reste une priorité essentielle. C'est pourquoi nous travaillons à la mise en place d'une zone 30 aux abords de l'école.

Les travaux de déploiement de la fibre optique dans la Rue du Pain, la Rue Michel Rodange et la Rue du Moulin sont désormais terminés. Afin de finaliser la couverture de l'ensemble de la commune, il reste encore les raccordements dans la Rue de Larochette à Ernzen ainsi que dans la Rue d'Ernzen à Larochette. Ces travaux avancent de manière satisfaisante et nous permettent d'envisager une finalisation d'ici la fin de l'année.

Nous avons également renové les deux terrains de pétanque dans la Rue de Medernach qui sont désormais entièrement renouvelés. L'ancienne haie a déjà été remplacée par une nouvelle plantation et de nouveaux espaces de repos seront aménagés. Par ailleurs, le bâtiment existant sera remplacé par une nouvelle structure.

Concernant le bassin de rétention des eaux pluviales à Ernzen, nous avons le plaisir de vous annoncer que les travaux touchent à leur achèvement.

À partir de la mi-juin, nous entamerons la rénovation du terrain de football du Birkelt. Les abords du terrain seront améliorés et le revêtement synthétique sera entièrement remplacé.

Par ailleurs, le Collège échevinal a élaboré une solution alternative pour la mise en place d'une zone 30 dans la Rue de Mersch. À cet effet, un bureau spécialisé a été mandaté afin de préparer un dossier en vue de son introduction auprès des administrations compétentes.

Les travaux sanitaires ainsi que la rénovation du hall de l'école seront réalisés durant les vacances d'été. Les installations sanitaires seront entièrement modernisées. L'entrée de l'école sera également renovée. En collaboration étroite avec le personnel enseignant, un nouveau concept a été développé afin d'améliorer le bien-être des enfants dans leur environnement scolaire.

Vous le voyez bien, notre commune continue à investir de manière importante dans ses infrastructures. Cela implique malheureusement également de nombreux chantiers en cours, avec leur lot de contraintes et parfois d'imprévus. Si le déroulement des travaux ne correspond pas toujours à ce que nous souhaiterions, soyez assurés que nous mettons tout en œuvre pour trouver les meilleures solutions possibles pour chacun.

Nous poursuivons également nos efforts en faveur du vivre-ensemble dans notre commune. Une

fête médiévale est prévue sur la Place Bleech le week-end du 15 août. Une nouvelle édition du Rali do Fado aura lieu le 12 septembre, proposant un savant mélange de musique luxembourgeoise et de fado portugais, dans différents bistrots de Larochette ainsi que sur la Place Bleech. Notre marché de Noël traditionnel se tiendra également en décembre.

Je tiens à adresser un grand merci à nos commissions communales qui organisent tout au long de l'année, de nombreuses activités telles que la fête des seniors, le thé dansant, le tournoi de pétanque ou encore la Nuit du sport ainsi que bien d'autres événements.

Un remerciement tout particulier s'adresse également à l'ensemble des associations locales qui, par leur engagement et leurs activités, contribuent activement à la vie de notre commune. Leur travail est essentiel, surtout dans le contexte actuel, car le vivre-ensemble reste un pilier fondamental de notre société. Chaque événement contribue à renforcer les liens entre les habitants de notre commune et des environs.

Enfin, je tiens à adresser mes plus chaleureuses félicitations au Fielser Basket BBC Arantia qui, après 56 ans, a réussi à ramener la Coupe de Luxembourg à Larochette. Bravo pour cet exploit remarquable !

Je vous souhaite à toutes et à tous un été merveilleux, reposant et ressourçant. Je suis convaincu que nous aurons l'occasion de nous retrouver lors de l'une ou l'autre de nos festivités.

Mirko Martellini

Bourgmestre



HEURES *d'Ouverture*

Lundi - Vendredi

10:00 - 12:30 & 13:00 - 16:30

Samedi

10:00 - 12:30 & 13:00 - 16:00

Dimanche & Jours fériés

10:00 - 15:00

Bureau du Tourisme - Gemeng Fiels

☎ Tel. : +352 26 87 09 68

📍 Nous vous accueillons avec plaisir tout au long de la saison touristique!



Gemeng **Fiels**



QUIZ

MAACHT MAT A GEWANNT !
PARTICIPEZ ET GAGNER !

LU Beim leschte Quiz hu mir leider keng richtig
Äntwert kritt... mee net opginn!

D'richteg Léisung war: Den Emblem, dee mir
gesicht hunn, hängk iwwert dem Wäschbuer an der
Broutgaass.

Elo sidd Dir erëm drun: Maacht mat a probéiert Är
Chance, fir eng flott Corbeille mat leckere Produiten
aus dem Mëllerdall ze gewannen!

Wéi heescht d'Plaz, wou dës zwee Emblemer
zesummen ze fanne sinn?

Maacht mat a schéckt Är Äntwert mat **Ärem
Numm** an **Ärer Telefonsnummer** bis spëtstens de
14. September 2026 per Email op: **population@
larochette.lu** oder per Bréif op follgend Adress :

Administration communale de Larochette
33, Chemin J.A. Zinnen
L-7626 Larochette

FR Lors du dernier quiz, malheureusement aucune
bonne réponse n'a été reçue... mais ne baissez
pas les bras !

La bonne réponse était : l'emblème que nous
cherchions se trouve au-dessus du Wäschbuer, dans
la Rue du Pain.

À vous de jouer à nouveau : participez et tentez votre
chance de gagner un joli panier garni de produits du
Mëllerdall

Dans la commune de Larochette, quel est le lieu où
l'on peut trouver ces deux emblèmes associés?

Participez et envoyez-nous votre réponse avec **votre
nom** et **votre numéro de téléphone** par courriel à
population@larochette.lu pour au plus tard le **14.
septembre 2026** ou par courrier à l'adresse suivante :

Administration communale de Larochette
33, Chemin J.A. Zinnen
L-7626 Larochette



OPLÉISUNG BULLETIN N°2 2025



Gemeng Ffels

BICHER

Bicherbus - T8

Le Bicherbus est de passage les **jeudis**

09. 07.2026 30. 07.2026

Quand ? 14h05 – 14h45

Où ? Chemin Jean-Antoine Zinnen,
parking derrière l'école fondamentale

Contact :

Michel Molinaro

Responsabel vum Bicherbus

(+352) 26 55 9 - 245

bicherbus@bnl.etat.lu

Ekipp vum Bicherbus

Renseignerment

(+352) 26 55 9 - 240

bicherbus@bnl.etat.lu



SÉIER REAGÉIERT: DE CHAUFFEUR VUM BICHERBUS BLEIWT COOL

De 16. Abrëll, wéi de Bicherbus an der Fiels war, huet op eemol hannen op der lénker Säit d'Brems ugefaangen ze dämpfen. De Chauffeur huet net laang gezéckt: hien huet séier d'Bicher op der Bänk ausgebreet - ganz zur Freed vun de Leit, déi do waren a ganz besonnesch vun der Madamm Sprunk an d'Madamm Thill vun Ierenz. Dës kleng Episod gouf mat vill Humor geholl, an d'Dammen hunn sech dobäi gutt amuséiert.

Mierscher Lieshaus

D'Mierscher Lieshaus ass am Juni geplënnert. Dir fannt d'Lieshaus elo op folgender Adress:

Villa Faber 7, Rue des Prés, L-7561 Mersch

Eis nächst Aktivitéite sinn:

- Dënschdeg, 28/07/2026 um 10:30: Kreatiivt Schreiwen fir Kanner a Jugendlecher mam Manon Della Siega (am Mierscher Lieshaus)
- Samschdeg, 10/10/2026 um 10:30: Geschichte fir Kids – A wat dréis du an dengem Rucksack? vun Inklusina asbl (am Mierscher Lieshaus)



Juli - August - September Programm

13.06.2026

Porte Ouverte Villa Faber

Mierscher Lieshaus/ Villa Faber

04.07.2026 - 10:30

Geschichte fir Kids

Mierscher Lieshaus

08.07.2026

Liesung - 19:00

Centre national de littérature

11.07.2026 - 10h00

Kreatiivt Schreiwen / écriture créative

Mierscher Lieshaus

28.07.2026 - 10h30

Kreative Schreifatelier fir Kanner a

Jugendlecher

Mierscher Lieshaus

 **Mierscher Lieshaus**



DÉLIBÉRATIONS

EXTRAIT DU REGISTRE AUX DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE LAROCLETTE AUSZUG AUS DEN GEMEINDERATSSITZUNGEN DER GEMEINDE FELS

Novembre 2025 - Juin 2026

Le détail de toutes les délibérations sur www.larochette.lu

Alle Beratungen des Gemeinderates können im Detail auf www.larochette.lu nachgelesen werden

FR

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 18 NOVEMBRE 2025

Présents : Mmes et MM. Mirko MARTELLINI, bourgmestre ; Luc JEMMING, échevin, Mme Ana Teresa MARQUES LIMA, échevine ; Paul EWEN, Liz HEINTZ, Luc CLEMEN, Myriam MARTINS MENDES, Natalie SILVA, Joël WEIS, conseillers ; Bruno BRUNETTI, secrétaire

1. Information : Présentation du plan financier de financement communal 2025-2030 par le Bureau MC Luxembourg

Le bureau MC Luxembourg présente le plan pluriannuel de financement communal 2025-2030, élaboré ensemble avec le Collège échevinal, détaillant les projets d'investissement, leurs coûts, leur calendrier et leurs modes de financement.

Ce document confirme que la commune peut réaliser ses projets tout en maintenant un équilibre financier durable.

2. Approbation : Comptes communaux relatifs à l'année 2024

Le Conseil communal arrête provisoirement le compte de gestion et le compte administratif pour l'exercice 2024 avec un boni de 9.226.527,60 €.

>> (Vote à l'unanimité)

3. Titres de recette

Les titres de recette sont signés par les membres présents du Conseil communal.

>> (Vote à l'unanimité)

4. Questions, affaires courantes et communications

Le bourgmestre confirme l'avancement normal du chantier du SIDEN.

M. Ewen s'informe de la participation à la réunion citoyenne (« Biergerversammlung ») relative à une réalisation éventuelle (sous réserve de l'accord du Conseil communal) d'un bâtiment sportif et multifonctionnel accolé au terrain de football au plateau Birkelt.

Est également précisé que le club AS Rupensia Larochette s'enquiert de la possibilité de l'ajout de douches et de vestiaires supplémentaires par rapport au projet présenté.

Dans ce contexte, il est demandé de déposer sur « Sigidrive » (le stockage en ligne pour le secteur communal) la présentation du PPF (Plan Pluriannuel de Financement) ainsi que la synthèse des observations et propositions formulées par la population dans le cadre de l'appel à idées.

LU

SÄTZUNG VUM GEMENGEROT VUM 18. NOVEMBER 2025

Präsent: d'Dammen an d'Hären: Mirko MARTELLINI, Buergermeeschter; Luc JEMMING, Schäffen, Mme Ana Teresa MARQUES LIMA, Schäffin; Paul EWEN, Liz HEINTZ, Luc CLEMEN, Myriam MARTINS MENDES, Natalie SILVA, Joël WEIS, Conseillers; Bruno BRUNETTI, Sekretär

1. Informatioun : Presentatioun vum Gemengen-Finanzéierungsplang 2025–2030 duerch de Bureau MC Luxembourg

De Bureau MC Luxembourg presentéiert de méijärege kommunale Finanzéierungsplang 2025–2030, deen zesumme mam Schäfferot ausgeschafft gouf. De Plang detailléiert d'Investitiounsprojeten, hir Käschten, winni si zustanen kommen a wéi si finanzéiert solle ginn.

Dëst Dokument bestätegt, datt d'Gemeng hir Projeten ëmsetze kann, während ee nohaltegt finanziellt Gläichgewicht erhale bleift.

2. Approbatioun : Gemengekonten fir d'Joer 2024

De Gemengerot hält provisosch de Gestionskont an den administrative Kont fir d'Rechnungsjoer 2024 un, mat engem Boni vun 9.226.527,60 €.

>> [Eestëmmeg ugeholl](#)

3. Titres de recettes

>> [Eestëmmeg ugeholl](#)

4. Froen, aktuell Uleies a Matdeelungen

De Buergermeeschter bestätegt, datt d'Aarbechte vum SIDEN wéi geplangt viruginn.

Den Här Ewen freet no, wéi vill Leit un der Biergerversammlung deelgeholl hunn. Dës Versammlung war aberuff ginn, fir de Bierger eng méiglech Realisatioun vun engem Sport- a Multifunktionsgebai virzestellen, dat beim Fussballsterrain um Birkelt eventuell kéint gebaut ginn (ënner Virbehalt vun der Zoustëmmung vum Gemengerot).

An dësem Zesammenhang gëtt och drop higewisen, datt de Fussballveräin AS Rupensia Larochette no der Méiglechkeet freet, zousätzlech Duschen a Vestiairen an de präsentéierte Projet ze integréieren.

An deem Kontext gëtt gefrot, d'Presentatioun vum PPF (Plan Pluriannuel de Financement – méijäregen Finanzéierungsplang) souwéi d'Zesummeffaassung vun den Umierkungen an de Virschléi, déi d'Bierger am Kader vun der Iddien-Sammlung gemaach hunn, op den „Sigidrive“, dem Online-Späichersystem fir de Gemeng-Secteur, erop ze lueden.

FR

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 16 DÉCEMBRE 2025

Présents : Mmes et MM. Mirko MARTELLINI, bourgmestre ; Luc JEMMING, échevin ; Ana Teresa MARQUES LIMA, échevine ; Luc CLEMEN, Paul EWEN, Liz HEINTZ, Myriam MARTINS MENDES, Joël WEIS, conseillers ; Bruno BRUNETTI, secrétaire

Absente et excusée : Mme Natalie SILVA

1. (Huis clos) / vote secret : Désignation d'un membre au conseil d'administration de l'Office Social Régional Commun des communes de Fischbach, Heffingen, Larochette, Nommern, Vallée de l'Ernz et Waldbillig

Le Conseil communal décide de nommer Mme Maisy Zandonella comme déléguée de la Commune de Larochette au Conseil d'administration de l'Office Social Commun pour un mandat de six ans allant du 1er janvier 2026 au 31 décembre 2031.

>> (Vote avec sept voix pour et une abstention)

2. Approbation du Budget rectifié 2025 et du Budget 2026 de l'Office Social Commun à Larochette

Le Conseil communal approuve le budget rectifié 2025 et le budget 2026 de l'Office Social commun de Larochette.

>> (Vote à l'unanimité)

3. Approbation : organisation scolaire rectifiée de l'École de musique de l'UGDA pour l'année scolaire 2025/2026 avec les qualifications des enseignants

>> (Vote à l'unanimité)

4. Fixation des nuits blanches pour l'année 2026

Le Conseil communal fixe les nuits blanches pour l'année 2026 comme suit :

Carnaval	nuit du 12.02.2026 au 13.02.2026 (jeu-ven) nuit du 13.02.2026 au 14.02.2026 (ven-sam) nuit du 14.02.2026 au 15.02.2026 (sam-dim) nuit du 15.02.2026 au 16.02.2026 (dim-lun)
Pâques	nuit du 05.04.2026 au 06.04.2026 (dim-lun)



Fête du Travail	nuit du 30.04. 2026 au 01.05.2026 (jeu-ven)
Journée de l'Europe	nuit du 08.05. 2026 au 09.05.2026 (ven-sam)
Pentecôte	nuit du 24.05. 2026 au 25.05.2026 (dim-lun)
Fête Nationale	nuit du 22.06. 2026 au 23.06.2026 (lun-mar)
Kermesse	nuit du 18.07. 2026 au 19.07.2026 (sam-dim)
Kermesse & Braderie	nuit du 19.07. 2026 au 20.07.2026 (dim-lun)
Stroossemaart	nuit du 25.07. 2026 au 26.07.2026 (sam-dim)
Halloween	nuit du 31.10.2026 au 01.11.2026 (sam-dim)
Noël	nuit du 24.12. 2026 au 25.12.2026 (jeu-ven)
St. Sylvestre	nuit du 31.12.2026 au 01.01.2027 (jeu-ven)

>> (Vote à l'unanimité)

5. Approbation :

a) Budget rectifié 2025 de la Commune de Larochette

Le Conseil communal arrête le budget rectifié 2025 avec un bonus présumé fin 2025 de 3.583.353,20 €.

>> (Vote à l'unanimité)

5. b) Budget 2026 de la Commune de Larochette

Le Conseil communal arrête le budget 2026 avec un bonus définitif de 950.904,63 € :

>> (Vote avec six voix pour et 2 voix contre (Paul Ewen, Ana Teresa MARQUES LIMA)

6. Approbation du projet de morcellement de deux parcelles sises à Ernzen (Ernzerberg), section B d'Ernzen, commune de Larochette, en plusieurs nouvelles parcelles, tel que présenté par la requérante (Mme DE MARCH)

Le Conseil communal approuve le morcellement en six lots d'un fonds appartenant à Mme DE MARCH Josée Eugenia, sis à Larochette, dans la Montée d'Ernzen à Ernzen inscrit au cadastre de la Commune de Larochette, section B d'Ernzen sous les n° cad.133/1454

>> (Vote par scrutin nominal et à l'unanimité)

7. Titres de recette

Les titres de recette sont signés par les membres présents du Conseil communal.

8. Questions, affaires courantes et communications

Le bourgmestre informe les conseillers communaux des dates prévisionnelles des prochaines séances en 2026, qui leur seront également transmises par courriel. Ces dates restent susceptibles de modifications et pourront être complétées selon les besoins.

Il informe le Conseil communal de l'achèvement du chantier de la Rue de Medernach par la société Alphabau. La société Kisch finalise actuellement l'îlot central destiné à l'apaisement du trafic.

À Ernzen, le chantier a pu reprendre après un arrêt dû à la découverte d'amiante dans une conduite d'eau à remplacer, nécessitant des mesures de protection spécifiques pour les ouvriers. M. Weis fait remarquer que les ouvriers travaillent en combinaison hermétique tandis que les agents de l'ITM sont présents à proximité en tenue normale. Sont également signalés des manipulations de panneaux de stationnement par des particuliers.

Mme Heintz informe le Conseil communal qu'elle déménagera au cours du premier trimestre 2026 dans une autre commune et sera automatiquement démissionnaire du Conseil communal. À la demande de M. Ewen, le bourgmestre explique que la décision relative à l'organisation d'élections complémentaires sera prise lors de la séance suivant le départ de Mme Heintz du Conseil communal.

Le bourgmestre présente enfin Mme Laura Patat, nouvelle coordinatrice touristique et responsable de la communication, engagée depuis le 1er décembre 2025.

LU

SÄTZUNG VUM GEMENGEROT VUM 16. DEZEMBER 2025

Präsent: d'Dammen an d'Hären: Mirko MARTELLINI, Buergermeeschter; Luc JEMMING, Schäffen; Ana Teresa MARQUES LIMA, Schäffin; Luc CLEMEN, Paul EWEN, Liz HEINTZ, Myriam MARTINS MENDES, Joël WEIS, Conseilleren; Bruno BRUNETTI, Sekretär

Net present, entschëllegt: Mme Natalie SILVA.

1. (Sëtzung hannert zouene Dieren / geheim Ofstëmmung): Ernennung vun engem Member an de Verwaltungsrot vum Office social commun vun de Gemengen Fëschbech, Hiefenech, Fiels, Noumer, Aerenzdall a Waldbëlleg

De Gemengerot berëfft d'Mme Maisy Zandonella als Verriederin vun der Gemeng Fiels an de Verwaltungsrot vum Office social commun vun de Gemengen Fëschbech, Hiefenech, Fiels, Noumer, Aerenzdall a Waldbëlleg. De Mandat leeft fir sechs Joer, vum 1. Januar 2026 bis den 31. Dezember 2031.

>> **Vote mat 7 Stëmmen an enger Enthaltung**

2. Geneemegung vum rektifizéierte Budget 2025 an vum Budget 2026 vum Office social commun vun de Gemengen Fëschbech, Hiefenech, Fiels, Noumer, Aerenzdall a Waldbëlleg

>> **Eestëmmeg ugeholl**

3. Geneemegung vun der rektifizierter Schoulorganisatioun vun der Musiksschoul vun der UGDA fir d'Schouljoer 2025/2026 mat de Qualifikatiounen vun den Enseignanten

>> **Eestëmmeg ugeholl**

4. Festleeë vun de „Fräie Nuechten (Nuits blanches)“ fir d'Joer 2026

Consultéiert w.e.g. den Tableau am franséischen Deel fir di genau Datumer ze gesinn.

>> **Eestëmmeg ugeholl**

5. Geneemegung:

a) Rektifizéierte Budget 2025 vun der Gemeng Fiels

De Gemengerot geneemegt de rektifizéierte Budget 2025 mat engem virgesinnen Plus (Bonus) um Enn vum Joer 2025 vun 3.583.353,20 €.

>> **Eestëmmeg ugeholl**

5. b) Budget 2026 vun der Gemeng Fiels

De Budget 2026 mat engem definitive Plus (Bonus) vun 950.904,63 € gëtt ugeholl.

>> **Vott mat 6 Stëmmen fir an 2 Stëmmen dergéint (M. Ewen, Mme MARQUES LIMA)**

6. Geneemegung vun der Opdeelung vun 2 Parzellen um Ierenzerbiërg zu Ierenz, déi am Kadaster vun der Gemeng Fiels, Sektoun B vun Ierenz, ënnert der Kadasternummer 133/1454 agedroen sinn. Di zwou Parzellen ginn a 6 nei Parzellen opgedeelt, esou wéi vun der Proprietärin (Mme DE MARCH) ugefrot.

>> **Eestëmmeg Ofstëmmung no Numm**

7. Titres de recette

>> **Eestëmmeg ugeholl**

8. Froen, aktuell Uleies a Kommunikatiounen

De Buergermeeschter informéiert d'Conseillere iwwer déi provisoersch Datumer vun den nächste Gemengerotssëtzungen am Joer 2026, déi hinnen och per E-Mail geschéckt ginn. Dës Datumer kënnen am Laf vum Joer geännert oder no Bedarf ergänzt ginn.

Hien informéiert de Gemengerot iwwer den Ofschloss vun de Bauaarbechten an der Miedernacherstrooss, déi vun der Firma Alphabau gemaach gi sinn. D'Firma Kisch ass iwwerdeems amgaang, d'Insel an der Mëtt vun der Strooss fäerdeg ze bauen, déi de Verkéier berouege soll.

Zu Ierenz konnt de Chantier an der Haaptstrooss no enger Ënnerbriechung nees opgeholl ginn, déi duerch d'Entdeckung vun Asbest an enger ze ersetzender Waasserleitung verursaacht gouf. Dëst huet speziell Schutzmoossname fir d'Aarbechter erfuerdert.

Den Här Weis mierkt zu deem Thema un, datt d'Aarbechter an hermetesch zouene Schutzkostümer schaffen, während d'Agente vun der ITM derniewent an normaler Stroossekleedung stinn. Zudeem géife Parkschilder vun Privatleit manipuléiert ginn.

D'Mme Heintz informéiert de Gemengerot, datt si am Laf vum éischten Trimester 2026 an eng aner Gemeng plënnere wäert an domat automatesch



aus dem Gemengerot ausscheet. Op Nofro vum Här Ewen erkläert de Buergermeeschter, dat eng Decisioun, wat d'Organisatioun vu Komplementarwalen ugeet, an der nächster Gemengerotssëtzung getraff gëtt nodeems d'Mme Heintz geplënnert ass.

Als leschte Punkt stellt de Buergermeeschter d'Mme Laura Patat vir, déi nei touristesch Coordinatrice a Responsabel fir d'Kommunikatioun, an déi zënter dem 1. Dezember 2025 engagéiert ass.

FR

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 10 FÉVRIER 2026

Présents : Mmes et MM. Mirko MARTELLINI, bourgmestre ; Luc JEMMING, échevin, Mme Ana Teresa MARQUES LIMA, échevine ; Paul EWEN, Liz HEINTZ, Luc CLEMEN, Myriam MARTINS MENDES, Natalie SILVA, Joël WEIS, conseillers ; Bruno BRUNETTI, secrétaire

1. Approbation : Devis estimatif pour le remplacement du tapis synthétique du terrain de football

Le Conseil communal approuve le remplacement complet du revêtement synthétique du terrain de football du « Plateau Birkelt » à Larochette, celui-ci étant en fin de vie et ne permettant plus une utilisation sûre et de qualité.

Le devis du bureau Schroeder & Associés, d'un montant de 850 000 € TTC, est validé et inscrit au budget 2026, avec un subside étatique pouvant aller jusqu'à 35 % du coût.

>> (Vote à l'unanimité)

2. Approbation : Devis estimatif pour le réaménagement de l'actuelle aire de pétanque dans le Chemin J.A. Zinnen : chalet, haies, installation classique sanitaire PMR, mobilier et alentours

Est également accordé le réaménagement global de l'aire de pétanque du Chemin J.A. Zinnen, incluant un chalet, du mobilier, des haies et des abords, afin d'en améliorer la sécurité et la qualité d'usage.

Le devis de l'ingénieur communal M. Diederich, d'un montant de 225 000 € TTC, est validé pour l'année 2026, avec remplacement de la toilette publique initialement prévue par une installation sanitaire classique mais adaptée aux personnes à mobilité réduite.

>> (Vote à l'unanimité)

3. Prise d'acte de la vacance d'un siège de conseiller communal

Le Conseil communal prend acte, à l'unanimité, de la vacance du siège de Mme Liz Heintz, devenue effective le 26 janvier 2026 à la suite de son départ de la commune de Larochette.

Il est rappelé que le domicile dans la commune constitue une condition légale d'exercice du Mandat. Le Conseil communal est désormais composé de huit membres.

4. Délibération : Opportunité d'organiser des élections complémentaires

Afin de pourvoir le siège vacant de conseiller communal consécutif au départ de Mme Heintz, le Conseil communal prend la décision d'organiser des élections complémentaires. À cette fin, le Collège des bourgmestre et échevins est chargé d'en informer le Ministère des Affaires intérieures dans les meilleurs délais et d'engager les démarches nécessaires à l'organisation de ce scrutin.

>> (Vote à l'unanimité)

5. Titres de recette

Les titres de recette sont signés par les membres présents du Conseil communal.

6. Questions, affaires courantes et communications

Le bourgmestre informe que le chantier de la Rue de Medernach est achevé. La pose du tapis définitif est prévue dans un délai d'environ six mois.

Un nouveau chantier débutera vers le 13 avril 2026 dans la Rue de Medernach, au niveau du futur site de la Maison Relais, pour la pose du réseau de canalisation par la société Elenz. La route sera entièrement fermée à la circulation pendant la durée des travaux, prévue au début du mois de juin 2026.

Mme Silva interroge sur la fermeture de la Rue de Medernach, confirmée par M. Martellini en raison de l'étroitesse de la chaussée ne permettant pas un passage sécurisé. Une déviation sera néanmoins prévue.

Il est précisé que les commerces concernés seront informés dans les prochains jours, tandis que la demande d'ouverture en soirée et le week-end n'est pas retenue par l'entreprise en charge des travaux pour des raisons de sécurité.

Il est cependant à prévoir qu'une majorité des usagers empruntera le Chemin J.A. Zinnen en direction de Medernach ainsi que la Rue Osterbour pour rejoindre le centre de Larochette – ces deux itinéraires restent règlementairement autorisés.

M. Martellini rappelle que lors d'un précédent chantier, la suppression du sens unique et la mise en place de feux tricolores dans la Rue Osterbour avaient fortement perturbé la circulation.

Le « Save the Date » pour le "Gemengeniessen" (le 22 mai) a été envoyé aux conseillers communaux.

Le bourgmestre informe de la démission de Mme Claudine Kettel de la Commission culturelle et touristique pour raisons personnelles et salue son engagement de longue date au sein de celle-ci. Il est décidé de republier le poste devenu vacant suite à cette démission.

Les différents postes devenus vacants suite au départ de Mme Heintz, dont une heure supplémentaire de congé politique ainsi que diverses représentations au sein de commissions et syndicats, seront réexaminées après les élections complémentaires.

M. Ewen revient sur des déclarations publiques du bourgmestre et de l'échevine Ana Teresa MARQUES LIMA, diffusées notamment dans les médias entre le vote du budget 2026 et la période de Noël, sans qu'aucune communication officielle n'ait suivi depuis lors. Il indique être régulièrement interrogé à ce sujet sans disposer d'éléments de réponse. Il sollicite des clarifications sur l'évolution et l'état actuel de la situation, évoquant notamment une demande de démission restée sans suite connue.

Le bourgmestre répond qu'après les fêtes de Noël, le Collège échevinal s'est réuni afin d'examiner les événements et déclarations récents, dans le cadre d'une réunion de crise qui a parfois été animée. Il précise qu'il a été décidé de poursuivre le travail en commun, avec la volonté d'éviter la répétition de telles situations et de préserver l'intérêt du Conseil communal et des habitants de la commune.

M. Ewen demande que la décision du Collège échevinal soit communiquée publiquement, tandis que M. Jemming s'enquiert de la teneur précise d'une telle communication.

Mme Silva estime qu'une communication officielle permettrait de clore les discussions et de préserver l'image de la commune, tout en rappelant la nécessité de privilégier les échanges internes avant toute prise de parole dans la presse. M. Ewen regrette enfin que cette clarification n'ait pas été communiquée plus tôt par le Collège échevinal. M. Jemming indique



que le Collège échevinal examinera la manière de communiquer sur le sujet.

M. Martellini confirme à Mme Silva le maintien du "Rali do Fado" au mois de septembre 2026, sous une forme réimaginée par l'association "Lovers of the Universe", mêlant fado et artistes luxembourgeois afin de valoriser la place Bleech. L'événement aura lieu le 5 ou le 12 septembre 2026.

Comme dernier point, M. Martellini informe que le budget communal a été validé par le Ministère des Affaires intérieures.

LU

SËTZUNG VUM GEMENGEROT VUM 10. FEBRUAR 2026

Präsent: d'Dammen an d'Hären: Mirko MARTELLINI, Buergermeeschter; Luc JEMMING, Schäffen, Mme Ana Teresa MARQUES LIMA, Schäffin; Paul EWEN, Liz HEINTZ, Luc CLEMEN, Myriam MARTINS MENDES, Natalie SILVA, Joël WEIS, Conseillers; Bruno BRUNETTI, Sekretär

1. Geneemegung: geschätzte Käschte fir d'Ersetzen vum syntheeteschen Tapis um Fussballterrain

De Gemengerot stëmmt dem kompletten Ersatz vum syntheetesche Belag um Fussballterrain um Birkelt an der Fiels zou, well deem sech um Enn vu senger Liewensdauer befënnt an net méi eng sécher a qualitativ gutt Notzung erlaabt.

Den Devis vum Büro Schroeder & Associés an Héicht vu 850.000 € inkl. TVA gëtt guttgeheescht an am Budget 2026 ageschriwwen. Mat engem staatleche Subside vu bis zu 35 % vun de Käschten kann gerechent ginn.

>> Eestëmmeg ugeholl

2. Geneemegung vun de geschätzte Käschte fir d'Neigestaltung vun der aktueller Petanquespiste am Zënnewe (Chalet, Hecken, PMR-Sanitäre Anlagen, Miwwel a ronderëm den Terrain)

De Gemengerot stëmmt enger Neigestaltung vun der Petanquespiste am Zënnewe zou. De Projet ëmfaasst d'Installatioun vun engem Chalet, Miwwel, Hecken souwéi d'Gestaltung ronderëm den Terrain fir d'Sécherheet an d'Qualitéit fir d'Benotzer ze verbessern.

Den Devis vum Gemengeningenieur an Héicht vun 225.000 € inkl. TVA gëtt fir d'Joer 2026 validéiert. Déi ursprénglech geplangten ëffentlech Toilette gëtt duerch eng kllassesch sanitär Installatioun ersat, déi awer och fir Leit mat reduzéierter Mobilitéit (PMR) zougänglech ass.

>> Eestëmmeg ugeholl

3. Feststellung vun der Vakanz vun engem Sëtz am Gemengerot

De Gemengerot hält eestëmmeg zur Kenntnis, datt de Sëtz vun der Mme Liz Heintz fräi ginn ass. Dës Vakanz ass de 26. Januar 2026 a Kraaft getrueden, nodeems si aus der Gemeng Fiels geplënnert ass.

Et gëtt drun erënnert, datt de Wunnsëtz an der Gemeng eng gesetzlech Bedéngung ass fir e Mandat auszeüben. De Gemengerot besteet elo aus aacht Memberen.

4. Deliberatioun: Geleeënheet fir komplementar Walen ze organiséieren

Fir de fräie Sëtz am Gemengerot, deem duerch den Depart vun der Mme Heintz entstanden ass, ze besetzen, decidéiert de Gemengerot, komplementar Gemengewalen ze organiséieren.

Aus deem Grond soll de Schäfferot den Inneministère esou séier wéi méiglech heiriwwer informéieren an déi néideg Schrëtt fir d'Organisatioun vun dëse Walen aleeden.

>> Eestëmmeg ugeholl

5. Titres de recette

>> Eestëmmeg ugeholl

6. Froen, aktuell Uleies a Matdeelungen

De Buergermeeschter informéiert, datt de Chantier an der Miedernacherstrooss ofgeschloss ass. D'Opbréng vum der leschter Asphaltschicht ass an ongeféier sechs Méint virgesinn.

En neie Chantier wäert ronderëm den 13. Abrëll 2026 an der Miedernacherstrooss ufänken, dëst um Niveau vum zukünftege Site vun der Maison Relais, wou d'Firma Elenz d'Kanalisatiounsnetz wäert leeën. D'Strooss gëtt fir d'Dauer vun den Aarbechten komplett fir de Verkéier gespaart. D'Aarbechte sollen

Ufank Juni 2026 fäerdeg sinn.

D'Mme Silva freet no wéinst der kompletter Sperrung vun der Miedernacherstrooss, déi vum Här Martellini bestätegt gëtt, well d'Strooss ze schmuel ass an domat kee séchere Passage erlaabt. Eng Ëmleitung gëtt awer virgesinn.

An dësem Zesammenhang gëtt weider erkläert, dass déi vun der Sperrung betraffe Geschäfte an den nächsten Deeg informéiert ginn. D'Ufro, d'Strooss owes an de Weekend fir de Verkéier opzemaachen, gëtt vun der Firma, déi d'Aarbechten ausféiert, aus Sécherheetsgrënn net berücksichtegt.

Et ass awer ze erwaarden, dass eng Majoritéit vun de Benotzer den Zënnewee a Richtung Miedernach souwéi d'Rue Osterbour benotze wäert, fir an den Zentrum vun der Fiels ze kommen – dës zwou Strecken bleiwen no de geltenden Reglementer zougelooss.

Et ass awer domadd ze rechnen, dass déi meeschten Autofuerer den Zënnewee a Richtung Miedernach souwéi d'Rue Osterbour benotze wäerten, fir an d'Zentrum vun der Fiels ze kommen – dës zwou Strecke bleiwe weiderhi legal a fräi benotzbar.

Den Här Martellini erënnert drun, dass bei engem fréiere Chantier d'Ophiewe vun der Einbahn (sense unique) an di rout Luuchten, déi opgestallt goufen, an der Rue Osterbour de Verkéier staark gestéiert haten.

Den „Save the Date“ fir d'Gemengenienzen (den 22. Mee) gouf un d'Gemegeconseillere verschéckt.

De Buergermeeschter informéiert, dass d'Madamm Claudine Kettel aus der Kultur- a Tourismuskommissioun aus perséinleche Grënn zerécktrëtt. Hie weist dobäi op hiren laangjäregen a wichtegen Asaz an där Kommissioun hin a seet hier villmools Merci dofir. Et gëtt decidéiert, de fräie Posten, deen duerch dës Demissioun entstanen ass, nei auszeschreiwen.

Déi verschidde Posten, déi duerch d'Fortgoe vun der Mme Heintz fräi gi sinn, dorënner eng zousätzlech Stonn politesche Congé souwéi verschidde Representatiounen a Kommissiounen a Syndikater, ginn no de Komplementarwalen nei iwwerduecht.

Den Här Ewen kënnt op ëffentlech Aussoe vum Buergermeeschter an der Schäffin Ana Teresa MARQUES LIMA zeréck, déi notamment tëscht

der Ofstëmmung vum Budget 2026 an der Chrëschtagsperiod an de Medien diffuséiert goufen, ouni dass zanterhier eng offiziell Kommunikatioun nokomm ass.

Hie weist drop hin, dass hie reegelméisseg zu dësem Sujet gefrot gëtt, ouni selwer iwwer déi néideg Informatiounen ze verfüegen. Hie freet dofir no Erklärungen iwwer d'Evolutioun an den aktuelle Stand vun der Situatioun, a bezitt sech dobäi ënner anerem op eng Demande fir eng Demissioun, déi anscheinend ouni bekannte Suite bliwwen ass.

De Buergermeeschter äntwert, dass de Schäfferot sech no de Chrëschtdeeg versammelt huet, fir déi rezent Evenementer an Aussoen am Kader vun enger Krisesëtzung ze analyséieren, déi deels och ugespaant verlaf wier.

Hien erkläert, dass decidéiert gouf, d'Zesammenaarbecht am Schäfferot weiderzeféieren, mat der klorer Intentioun, esou Situatiounen an Zukunft ze vermeiden an d'Interête vum Gemengerot souwéi vun de Bierger vun der Gemeng ze schützen.

Den Här Ewen fuerdert, dass d'Decisioun vum Schäfferot ëffentlech kommunizéiert gëtt, während den Här Jemming wësse well, wat an esou enger Kommunikatioun genau dra stoe soll.

D'Mme Silva ass der Meenung, dass eng offiziell Kommunikatioun et erméigleche géif, d'Diskussioun ofzeschléissen an d'Bild vun der Gemeng ze schützen. Si erënnert dobäi drun, dass intern en Austausch ëmmer virun all ëffentlecher Ausso an der Press sollt stoen. Den Här Ewen bedauert, dass dës Klärung net scho méi fréi vum Schäfferot gemaach an kommunizéiert gouf. Den Här Jemming deelt mat, dass de Schäfferot wäert iwwerpräiwen, a wéi enger Form zu dësem Thema kommunizéiert soll ginn.

Den Här Martellini bestätegt der Madamm Silva, dass de „Rali do Fado“ am September 2026 stattfënnt, an zwar an enger nei iwwerluechter Form, erëm organiséiert vun der Associatioun „Lovers of the Universe“. D'Manifestatioun soll dëst Joer Fado mat lëtzebuergesche Kënschtler verbannen, fir d'Bleech méi staark ze valoriséieren. D'Evenement ass fir de 5. oder den 12. September 2026 virgesinn.

Als leschte Punkt informéiert de Buergermeeschter, dass de Gemegebudget vum Inneministère validéiert gouf.



SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 17 MARS 2026

Présents : Mmes et MM. Mirko MARTELLINI, bourgmestre ; Luc JEMMING, échevin ; Ana Teresa MARQUES LIMA, échevine ; Luc CLEMEN, Paul EWEN, Myriam MARTINS MENDES, Joël WEIS, conseillers ; Bruno BRUNETTI, secrétaire

Absent et excusé : M. Paul EWEN

Vote par procuration : M. Paul EWEN a donné procuration à M. Joël WEIS

1. Suite au courriel de la conseillère communale Mme Natalie SILVA, daté du 28 février 2026 et transmis au bourgmestre le 1er mars 2026, le Conseil communal prend acte de la démission de Mme Silva, contrainte de renoncer à son mandat à compter du 1er mars 2026 en raison de son affectation au Ministère de l'Intérieur et des règles d'incompatibilité légales.

Le Conseil communal constate qu'à compter de cette date, il se compose désormais de sept membres.

2. Information et prise note de l'arrêté ministériel du 3 mars 2026 fixant la date des élections complémentaires dans la commune de Larochette au 7 juin 2026.

3. Approbation du Contrat de bail entre la Société Orange et la Commune de Larochette relatif à une station de mobilophonie située dans le clocher de l'église paroissiale à Larochette

>> (Vote à l'unanimité)

4. Afin d'assurer la sécurité et la commodité des usagers, le Conseil communal valide le règlement temporaire de circulation adopté le 3 février 2026 par le Collège échevinal, en raison de travaux d'infrastructure prévus dans la rue de Medernach et le Huelewee. Ce règlement temporaire est en vigueur à partir du 16 mars 2026.

>> (Vote à l'unanimité)

5. Suite à la demande d'avis adressée au Conseil communal par le Ministère de la Culture concernant la protection du site archéologique « Huelewee » à Larochette, le Conseil rend un avis favorable. En effet, le site est considéré comme un

DE Nachdem die erste Phase der Arbeiten zum Bau eines neuen Kollektors in der rue de Medernach abgeschlossen waren und in diesem Zuge auf Höhe der Pétanquefelder eine Insel sowie ein Fußgängerüberweg zur Verkehrsberuhigung gebaut wurde, hat die Gemeinde quasi in Eigenleistung mit der Erneuerung bzw. Instandsetzung dieser Fläche begonnen. Dies bezüglich wurde eine neue einheimische Hecke entlang der N14 gepflanzt, zudem wurde in Zusammenarbeit mit dem Natur- und Geopark Mullerthal ein Bepflanzungskonzept umgesetzt um diese Grünfläche ökologisch aufzuwerten. In der nächsten Zeit wird der Neubau des in die Jahre gekommenen Chalets beginnen.



FR Une fois achevée la première phase des travaux de construction d'un nouveau collecteur dans la rue de Medernach, qui a notamment donné lieu à la création d'un îlot et d'un passage piéton à hauteur des terrains de pétanque afin de modérer la circulation, la commune a entrepris, pratiquement en régie propre, la rénovation et la remise en état de cette zone. À cet effet, une nouvelle haie d'espèces indigènes a été plantée le long de la N14. De plus, un concept de plantation a été mis en œuvre en collaboration avec le Natur- und Geopark Mullerthal afin de valoriser écologiquement cet espace vert. La reconstruction du chalet, qui a fait son temps, débutera prochainement.



DIE TROCKENMAUER IM HUELEWEE LE MUR EN PIERRES SÈCHES DANS LE HUELEWEE

DE Eine Trockenmauer, die entlang des Huelewees steht, hat an Stabilität verloren und ist teilweise eingestürzt. Im Mai 2026 wurden die Steine sorgfältig abgetragen und für eine mögliche Wiederverwendung beim Neubau der Trockenmauer aufbewahrt. Trockenmauern sollten erhalten bleiben, weil sie wertvolle Lebensräume für viele Tiere und Pflanzen bieten. In ihren Spalten finden zum Beispiel Insekten, Eidechsen und Moose Schutz. Sie fördern damit die Artenvielfalt und unterstützen das lokale Ökosystem. Gleichzeitig sind Trockenmauern ein Teil des kulturellen Erbes, da sie traditionelle Bauweisen und historische Landschaften bewahren.

FR Un mur en pierres sèches situé le long du Huelewee a perdu sa stabilité et s'est partiellement effondré. En mai 2026, les pierres ont été soigneusement retirées et conservées en vue d'une réutilisation pour la reconstruction du mur. Les murs en pierres sèches doivent être préservés, car ils offrent des habitats précieux à de nombreux animaux et plantes. Leurs interstices abritent par exemple des insectes, des lézards et des mousses. Ils favorisent ainsi la biodiversité et soutiennent l'écosystème local. Parallèlement, les murs en pierres sèches font partie du patrimoine culturel comme ils préservent les méthodes de construction traditionnelles et les paysages historiques.



UNSER FUSSBALLPLATZ NOTRE TERRAIN DE FOOTBALL

DE Vor 13 Jahren wurde der Fußballplatz auf dem Plateau Birkelt von einem Naturrasenplatz in einen Kunstrasenplatz umgewandelt; heute hat dieser seine maximale Lebensdauer erreicht und muss daher erneuert werden. Die Arbeiten haben Anfang Juni begonnen und wir hoffen, dass der neue Belag zum Beginn der Saison 2026/2027 genutzt werden kann. Im Zuge dieser Arbeiten werden ebenfalls einige Erneuerungen an den Außenanlagen durchgeführt und die Stromkabel der Beleuchtung ersetzt.

FR Il y a 13 ans, le terrain de football du Plateau Birkelt est transformé d'un terrain en gazon naturel en terrain en gazon synthétique ; aujourd'hui, celui-ci a atteint sa durée de vie maximale et doit donc être renouvelé. Les travaux ont commencé début juin et nous espérons que le nouveau revêtement pourra être utilisé dès la saison 2026/2027. Dans le cadre de ces travaux, quelques rénovations seront également effectuées sur les aménagements extérieurs et les câbles électriques de l'éclairage seront remplacés.

RENOVIERUNG DER HALLENDECKE DER SCHULE IN FELS RÉNOVATION DU PLAFOND D'UN HALL À L'ÉCOLE DE LAROCLETTE

DE Während den Osterferien wurde die abgehangene Decke im Foyer des Kindergartens in der Grundschule erneuert. Hierbei wurde eine Akkustikdecke sowie energiesparende Beleuchtung installiert.

FR Pendant les vacances de Pâques, le faux plafond du hall d'entrée de la maternelle de l'école primaire a été rénové. À cette occasion, un plafond acoustique ainsi qu'un éclairage à faible consommation d'énergie ont été installés.



BEGRÜNUNG BUSHÄUSCHEN VÉGÉTALISATION DES TOITS DES ARRÊTS

DE Im Frühling 2026 wurden die Dächer der erneuerten Bushaltestellen ebenfalls begrünt. Eine Dachbegrünung hilft, Regenwasser zurückzuhalten und entlastet bei Starkregen die Kanalisation, weil ein Teil des Wassers gespeichert und verzögert abgegeben wird. Begrünte Dächer kühlen ihre Umgebung, da Pflanzen Schatten spenden und durch Verdunstung die Hitze verringern. Dadurch tragen sie dazu bei, die starke Erhitzung von Städten im Sommer zu reduzieren. Gleichzeitig verbessern sie das Mikroklima, indem sie die Luftfeuchtigkeit erhöhen und Lebensraum für Insekten schaffen.

FR Au printemps 2026, les toits des arrêts de bus rénovés ont également été végétalisés. La végétalisation des toits permet de retenir l'eau de pluie et de soulager les réseaux d'assainissement en cas de fortes précipitations, car une partie de l'eau est stockée et évacuée progressivement. Les toitures végétalisées rafraîchissent leur environnement en réduisant la chaleur par évaporation. Elles contribuent ainsi à atténuer la forte chaleur qui règne dans les villes en été. Parallèlement, elles améliorent le microclimat en augmentant l'humidité de l'air et en créant un habitat pour les insectes.





Gemeng Fiels



Produire sa propre électricité devient de plus en plus pertinent pour les ménages face aux défis énergétiques actuels. Afin de les aider à devenir plus indépendants énergétiquement et à planifier correctement leur installation solaire, le simulateur solaire a été développé.

En effet, le **bon dimensionnement** ainsi que la combinaison avec d'autres mesures de décarbonation (telles que la pompe à chaleur ou la mobilité électrique) sont essentiels pour exploiter pleinement le potentiel d'une installation photovoltaïque. Une installation trop petite limite les économies possibles, tandis qu'une installation surdimensionnée augmente les injections dans le réseau et réduit la rentabilité de votre investissement. Cet équilibre est d'autant plus important que, dans le nouveau régime d'aides Klimabonus, le subside est lié à la puissance installée et plafonné à 10.000 € à partir de 15 kW_c.

Il est important de se poser quelques questions avant de se lancer.

- Quelle puissance installer ?
- Faut-il couvrir toute la toiture ?
- Une batterie est-elle pertinente ?
- Quel niveau d'indépendance peut-on atteindre ?

Le nouveau simulateur solaire

Klima-Agence permet d'explorer ces questions de manière personnalisée et interactive. Il offre la possibilité de simuler l'interaction entre les principaux postes de consommation d'électricité et une installation photovoltaïque, avec ou sans batterie.

L'objectif est clair : aider à identifier une configuration cohérente, adaptée à votre profil de consommation d'électricité et à vos usages actuels ou futurs, notamment en cas d'intégration d'une pompe à chaleur ou d'un véhicule électrique.

L'outil donne une base de dimensionnement pour un projet solaire. Il ne remplace pas une étude technique détaillée, mais il permet de mieux comprendre les ordres de grandeur, les effets des choix techniques et les leviers d'optimisation.

Le parcours est structuré et intuitif :

- **données de base** – adresse du bâtiment pour estimer le potentiel de la toiture et indication du profil de consommation ;
- **installation photovoltaïque** – proposition de puissances disponible et recommandée, avec possibilité d'ajustement ;
- **composants et paramètres** – intégration d'une batterie, des installations techniques (chauffage, eau chaude, ventilation), de la mobilité électrique ainsi que des paramètres économiques, comme le mode de subvention, le prix de l'électricité, l'estimation des coûts totaux de l'installation.

Tout au long de la simulation, les résultats sont actualisés en temps réel : rentabilité, degré d'indépendance énergétique et taux d'injection dans le réseau. Différents scénarios peuvent ainsi être testés et comparés afin d'identifier les options les plus pertinentes. À la fin, une vue détaillée avec graphiques et recommandations vous est proposée.

En permettant de tester plusieurs configurations, le simulateur facilite une prise de décision informée avant tout investissement.

Découvrez le simulateur solaire :
solar.klima-agence.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Conseil indépendant et gratuit
klima-agence.lu • 8002 11 90



Gemeng Fiels



Co-funded by
the European Union



Solarsimulator: Optimieren Sie Ihren PV-Eigenverbrauch durch eine gute Planung

Eigenen Strom zu erzeugen, ist für viele Haushalte gerade in der aktuellen Energiesituation zunehmend interessant. Um Sie dabei zu unterstützen, unabhängiger zu werden und Ihre Solaranlage richtig zu planen, wurde der Solarsimulator entwickelt.

Denn die **richtige Dimensionierung** in Verbindung mit anderen Dekarbonisierungsmaßnahmen (wie z. B. eine Wärmepumpe oder Elektromobilität) ist entscheidend, um das Potenzial einer Photovoltaikanlage optimal zu nutzen. Eine zu kleine Anlage begrenzt die möglichen Einsparungen, während eine überdimensionierte Anlage die Einspeisung ins Netz erhöht und die Rentabilität Ihrer Investition reduziert. Dieses Gleichgewicht ist umso wichtiger, da im neuen Klimabonus-Förderregime die Beihilfe an die installierte Leistung gekoppelt ist und ab 15 kW_p auf 10.000 € begrenzt wird.

Bevor Sie starten, sollten einige grundlegende Fragen geklärt werden:

- Welche Leistung ist sinnvoll?
- Soll die gesamte Dachfläche genutzt werden?
- Ist eine Batterie relevant?
- Welchen Grad an Energieunabhängigkeit kann man erreichen?

Der **neue Solarsimulator** von Klima-Agence ermöglicht es, diese Fragen individuell und interaktiv zu untersuchen. Er simuliert das Zusammenspiel zwischen den wichtigsten Stromverbrauchern und einer Photovoltaikanlage – mit oder ohne Batterie.

Das Ziel ist klar: eine **stimmige Konfiguration zu identifizieren, die zu Ihrem Stromverbrauchsprofil sowie zu Ihren aktuellen oder zukünftigen Nutzungen passt** – etwa bei der Integration einer Wärmepumpe oder eines Elektrofahrzeugs.

Das Tool liefert eine fundierte Grundlage für die Dimensionierung eines Solarprojekts. Es ersetzt keine detaillierte technische Studie, hilft jedoch, Größenordnungen zu verstehen, die Auswirkungen technischer Entscheidungen zu erkennen und Optimierungspotenziale sichtbar zu machen.

Der Ablauf ist klar strukturiert und intuitiv:

- **Basisdaten** – Adresse des Gebäudes zur Abschätzung des Dachpotenzials sowie Angaben zum Verbrauchsprofil;
- **Photovoltaikanlage** – Vorschläge für mögliche und empfohlene Leistungen, mit Anpassungsmöglichkeiten;
- **Komponenten** und Parameter – Integration einer Batterie, technischer Anlagen (Heizung, Warmwasser, Lüftung), Elektromobilität sowie wirtschaftlicher Parameter wie Fördermodus, Strompreis und geschätzte Gesamtkosten.

Während der gesamten Simulation werden die Ergebnisse in Echtzeit aktualisiert: Rentabilität, Eigenversorgungsgrad und Einspeiseanteil ins Netz. So können verschiedene Szenarien getestet und verglichen werden, um die passendsten Optionen zu identifizieren. Am Ende erhalten Sie eine detaillierte Übersicht mit Grafiken und Empfehlungen.

Indem mehrere Konfigurationen durchgespielt werden können, unterstützt der Simulator eine fundierte Entscheidungsfindung vor jeder Investition.

Entdecken Sie den Solarsimulator:
solar.klima-agence.lu/de



klima
agence



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Unabhängige und kostenlose Beratung
klima-agence.lu • 8002 11 90

BENJESHECKE "AUF WELTRICH" **HAIE DE BOIS MORT SUR LE PLATEAU « AUF WELTRICH »**

DE Während der letzten Monate wurden Maßnahmen zur Verbesserung der Hochwassersituation in der „Rue Scheerbach“ umgesetzt. So wurde auf dem Plateau „auf Weltrich“ über der „Rue Scheerbach“ an mehreren Stellen Gräben ausgebaggert und angelegt, um das Oberflächenwasser besser zurückzuhalten und flächiger zu verteilen. Zudem wurde in Zusammenarbeit mit dem Natur- und Geopark Mullerthal eine Totholzhecke „Benjeshecke“ angelegt. Eine Totholzhecke besteht aus aufgeschichteten Ästen, Zweigen und anderem Schnittgut, das locker zu einer natürlichen Heckenstruktur angeordnet wird. Sie dient als Lebensraum und Rückzugsort für viele Tiere wie Insekten, Vögel und Kleinsäuger und trägt damit besonders zur Förderung der Biodiversität sowie zum naturnahen Umweltschutz bei. Zudem haben Hecken auch eine natürliche Bremswirkung der Oberflächenwässer im Falle von Regenereignissen.



FR Au cours des derniers mois, des mesures ont été mises en œuvre pour améliorer la gestion des crues dans la Rue Scheerbach. Ainsi, sur le plateau « auf Weltrich », situé au-dessus de la Rue Scheerbach, des fossés ont été creusés et aménagés à plusieurs endroits afin de mieux retenir les eaux de ruissellement et de les répartir sur une plus grande surface. De plus, une haie de bois mort « Benjeshecke » a été aménagée en collaboration avec le Natur- und Geopark Mullerthal. Une haie de bois mort est constituée de branches, de rameaux et d'autres déchets de taille empilés et disposés de manière lâche pour former une structure de haie naturelle. Elle sert d'habitat et de refuge à de nombreux animaux tels que les insectes, les oiseaux et les petits mammifères, contribuant ainsi tout particulièrement à la promotion de la biodiversité ainsi qu'à la protection de l'environnement dans le respect de la nature. De plus, les haies ont également un effet de freinage naturel sur les eaux de surface en cas de pluie.



EIS NEI MATAARBECHTERIN AM SERVICE COMMUNICATION – LAURA PATAT

Mäin Numm ass Laura, an ech freeë mech, zanter Dezember 2025 Deel vun der Ekip vum der Gemeng Fiels ze sinn. A menger Funktioun këmmen ech mech virun allem ëm d'Kommunikatioun, d'Organisatioun vun den Evenementer souwéi ëm den Tourismus.

Ech si gespaant, lech am Laf vun der Zäit besser kennenzeléieren an aktiv zum Liewe vun der Gemeng bäizedoen.

NOTRE NOUVELLE COLLABORATRICE AU SERVICE COMMUNICATION – LAURA PATAT

Je m'appelle Laura et je suis heureuse d'avoir intégré l'équipe de la commune de Larochette en

décembre 2025. Au sein du service Communication, mes missions portent principalement sur la communication communale, l'organisation des événements ainsi que la promotion du tourisme.

J'aurai grand plaisir à vous rencontrer au cours des prochains mois et de m'investir pleinement dans la vie et le dynamisme de notre commune.



HU BIRKELT VILLAGE: INFORMATIOUNEN IWWERT DEN ZOUGANG ZUR SCHWÄMM OP EISEM CAMPING FIR EXTERN VISITEURE


Wéinst der héijer Zuel u Reservatiounen an der Héichsaison, ass eis Schwämm vum Camping Birkelt Village vum 11. Juli bis den 21. August inclus ausschliisslech eise Clientë vum Camping virbehalen. Während dëser Zäit ass d'Schwämm net fir extern Visiteuren zougänglech.

Mir zielen op Äert Versteesdemech.

HU BIRKELT VILLAGE : INFORMATIONS CONCERNANT L'ACCÈS À LA PISCINE POUR LES VISITEURS EXTÉRIEURS

En raison du nombre élevé de réservations durant la haute saison, la piscine du Birkelt Village sera réservée exclusivement aux clients du camping du 11 juillet au 21 août inclus. Durant cette période, la piscine ne sera pas accessible aux visiteurs extérieurs.

Nous vous remercions de votre compréhension et de votre coopération.



Collectes sélectives des PMC

Bilan 2025

Commune de Larochette

1. Données générales

Situation au 01.01.2025	681.973 habitants participants (STATEC au 01.01.2025)
Rendement moyen	22,2 kg PMC/habitant/an
Rendements extrêmes	16,8 à 38,3 kg PMC/habitant/an
Quantités collectées	15.171,03 tonnes (avec sacs PMC)

2. Composition des PMC triés

Matériau d'emballage	Composition [%]
Matières plastiques	65,8
Métal	13,7
Cartons à boissons	8,1
Résidus de tri	12,4
Total	100

3. Données individuelles

Situation au 01.01.2025	2.229 habitants (STATEC au 01.01.2025)
Rendement commune	26,6 kg PMC/habitant/an
Quantité PMC collectée	59,33 tonnes

Verre

Bilan 2025

Commune de Larochette

1. Données générales

Situation au 01.01.2025	681.973 habitants participants (STATEC au 01.01.2025)
Rendement moyen	28,177 kg/habitant/an
Quantités collectées	19.215,73 tonnes

2. Données de votre commune

Période couverte	2025
Matériau d'emballages	Verre (CED 15 01 07)
Quantités collectées	46,28 tonnes

Les quantités énumérées ci-dessus ont été recyclées (R5) via les sociétés suivantes :

- Sibelco Green Solutions à Saint-Menge (FR)
- Minérale SA à Lodelinsardt & Anvers (BE)

VIE COMMUNALE

E SCHÉINE 90. GEBUERTSDAG

D'Madame Marianne Thérèse Schmit-Bausch huet hiren 90. Gebuertsdag am Altersheem HPPA zu Miersch gefeiert. Bei dëser schéiner Geleeënheet huet si sech ganz besonnesch iwwert de flotte Bouquet Blummen vum Fielser Schäfferot gefreet.

D'Jubilarin huet dëse wichtige Moment a gemittlecher Atmosphär zesumme mat deenen anere Residenten am Altersheem gefeiert. Et war eng härezech an geselleg Feier, déi fir vill flott Momenter gesuergt huet.

Mir wënschen der Madame Bausch nach vill Gesondheet, Freed an nach vill schéin Deeg.



FIELSER SCHOUL

DEN CYCLE 2.2 WAR AN D'KOLONIE

De Cycle 2.2 huet zwee schéin Deeg am Juni am Centre Ecologique zu Housen verbruecht. Mat vill Freed a Spaass konnten d'Kanner Schof fidderen, een Tipi besichlegen, Stockbrout iwwer dem Feier baken a mat Naturfaarwen molen.





SCHOULSPORTSDAG

Den 18. Juni huet den Cycle 2 hiren Schoulsport-Dag am Kloterpark Parc Le'h Adventures zu Diddeleng verbruecht.



FIRST LEGO LEAGUE

Text a Fotoen vum Pascale Hoffmann

D'Klass 4.2 ënnert der Leedung vun hirem Coach Pascale Hoffmann huet eng aussergewöhnlech Saison 2025/2026 an der FIRST LEGO League ënnert dem Thema „UNEARTHED“ erfollegräich ofgeschloss.

No enger staarker Leeschtung an der Qualifikatiounsronn am Februar, wou d'Equipe sech ënnert déi bescht 24 vun insgesamt 96 Teams placéiert huet, konnt sech d'Team „ANDER FIELS“ och fir d'BELUX-Finall am Mäerz an der Belsch qualifizéieren, an där déi 5 Bescht aus der lëtzebuergescher Qualifikatioun ausgewielt goufen. Do huet d'Equipe sech géint déi bescht 24 Teams aus der Belsch a Lëtzebuerg behapt an

dobäi de Präis fir de beschte Fuerscherprojet zum Thema „Panzerlurch“ gewonnen.

D'Rees ass duerno op der Schoulfoire am Abrëll weidergaangen, wou déi national Finall ausgedroe gouf. Och hei hunn Teamgeescht, Motivatioun an den enormen Asaz vun de Schüler gewisen, wat ee mat Zesummenhalt, Kreativitéit an Ausdauer alles erreeche kann. Als Belounung fir hir exzellent Aarbecht gouf d'Team „ANDER FIELS“ mam 2. Platz vum „Champions Award“ ausgezeechent.

Am Fong kann ee soen, datt dës Saison net nëmmen eng grouss sportlech a wëssenschaftlech Erausforderung war, mee virun allem eng wäertvoll Erfahrung, bei där d'Kanner vill iwwer Teamwork, Fuerschung, Technologie a sech selwer geléiert hunn.



D'SCHOUKANNER PLANZEN UEBSTBEEM

Text a Fotoen: Molitor Olivier

De 25. Mäerz 2026 moies hunn d'Kanner mat hirem Léierpersonal aus der Fielser Schoul eis äifreg mat Spuet an Heel gehollef, fir 14 nei Äppelbeem um Leedebacher Haff ze planzen. Dëst wor de Cycle 3.1 matt der Joffer Ana Ribeiro, déi sech där Saach ugehol hunn.



Mëttes dunn si mer op de Weyderter Haff eriwuer gewiesselt, wou den Damien König matt senge Kanner aus dem Cycle 3.1 och nach 9 Uebstbeem geplanzt hunn. Mir hate Sonn, Reen, Knëppelsteng a Schnéi, sou dat punkto Wieder am Laf vum Dag vun Allem e bëssi derbäi wor.

Nom ville Schaffe waren d'Kanner gutt hongreg a kruten e Stéck Kuch an eppes ze drénken fir sech nees ze stäerken.

D'Begeeschterung bei all de Kanner wor wei ëmmer ganz grouss a si hu gutt matgeschafft. Mir soe villmools Merci fir d'Hëllef!



Wéi mëttlerweil schonn séit etleche Joren, huet eis Gemeng e Budget vun 10.000 Euro och fir 2026 gestëmmt, fir Bongerteprojeten ze ënnerstëtzen. Dës Sue streckt d'Gemeng deemno vir, an da ginn duerno 70-75 % Subside vum Staat iwwert déi Biologesch Statioun vum Mëllerdall zeréckgefrot. De Rescht, also déi aner 25-30 %, leet d'Gemeng bäi.

DE KÉIDENGER BRILL

D'Naturschutzgebitt Kéidenger Brill-Soup ass den 01. Mäerz 2023 iwwert e Règlement grand-ducal ausgewise ginn. Et befënnt sech op Territoirë vun de Gemenge Fiels, Hiefenech, Fëschbech a Jonglënster an huet eng Gréisst vun insgesamt 158,60 ha. Dobäi ass et ënnerdeelt an e Kärgebitt (87,58 ha) an eng Pufferzone (71,02 ha).

De südleche Beräich vum Naturschutzgebitt ass Bestanddeel vun der Habitatschutzzone LU0001020 (Kallekwise vun der Jonglënster Géigend) grad sou wei der Vulleschutzzone LU0002005 (Dall vun der Wäisser lernz tëschent Bourglënster a Fëschbech). Den nördleche Beräich ass Bestanddeel vun der Habitatschutzzone LU0001015 (Dall vun der Wäisser lernz).

Am mëttlere Beräich gouf déi Waïss lernz renaturéiert, Aarbechten déi 2016 ofgeschloss goufen.

De Kéidenger Brill weist eng Abberzuel vu verschiddenen a geschützte Fiichtbiotopen op: Lëtschendéckecht, Grousseggenrieder, Niddermouer, Mauerbotterblummewisen, Auebëschsträifen.



De renaturéierten Deel huet eng staark Eegendynamik. Beim Uleeë vun enger Kartei vun dese Flächen huet sech erginn, datt sech schonn eng sëllege geschützten Aarten hei ugesidelt hunn, respektiv Biotopen entwéckelt hunn.

Um südlechen Deel huet keng Renaturéierung stattfonnt, ma hei ginn déi meeschte Fläche landwirtschaftlech genotzt. Vill vun deene Fläche ginn intensiv iwwert e Biodiversitätsvertrag genotzt. Dës intensiv Notzung, an och déi moer Standuertsbedingungen, féieren zesumme mat deene verschiddenen Notzungstypen zu enger héijer Aartevillfalt.

An den Hangberäicher steet entweder Bësch oder si enthalen plazeweis geschützte Biotopen wéi z.B. Glathuerméiwisen an hallef dréche Kallekswisen. Mir hunn hei deemno eng ganz héich Biodiversitéit op klengem Raum.

Vum Suppelaïskraut, d. Sumpf-Läusekraut (Foto Nr. 1 / *Pedicularis palustris*) hei gëtt et nëmmen zwou Populatiounen am ganze Land. Nieft enger grousser Populatioun am Naturschutzgebitt Ronnheck bei Guedber, kënn dës Planz och am Kéidenger Brill vir, ass allerdéngs nëmme mat e puer Individue vertrauden.



Desweidere kommen hei och e puer Orchideenarte vir, ënnert aneren d'Breetbliedereg Knabenkraut, Breitblättriges Knabenkraut (Foto Nr. 2 / *Dactylorhiza majalis*) an d'Geflecktent Knabenkraut (*Dactylorhiza maculata*).



SCHLEEFEN MAM PÄERD

An der Fiels am öffentlechen Bësch schleefe mer all Joer an där enger oder anerer Parzell d'Holz mam Päerd, wann d'Dimensioun vum Holz dat zouléisst. Dëst Joer hu mer elo um lernzerbiereg en Eeche-Bestand duerchforst.

De Benoît Mathay huet sech där Saach mat sengem Päerd, dem Gamin, ugeholl. De Gamin ass elo 15 Joer al, a weit ongeféier 700-750 kg. Am Prinzip kann e Päerd souvill Gewiicht un Holz zéie wéi et selwer weit, dat heescht an dësem Fall also ongeféier eng $\frac{3}{4}$ Tonn. Dat geet awer nëmme wann d'Konditiounen ideal sinn (et duerf net bieregop goen, et duerf net zevill Ennerwues an Äscht am Bestand dra leien asw). Besser ass et awer d'Päerd net u senger Belaaschtungsgrenz schaffen ze loossen, soss packt et den normalerweis 7 Stonnendag net, an di héich Belaaschtung ass och net gutt fir d'Gelenker.



ee mam Päerd schleeft fir dat ze kompenséieren. E Päerd packt natierlech nëmme eng begrenzten Déckt vu Beem fir ze schleefen. Ma wa mam Päerd geschleeft gëtt, entsteet och e positiven Androck bei de Leit wa mer am Bësch schaffen an Holz haen.



Virwat schleefe mer mam Päerd? E Päerd ass natierlech vill méi wenneg wéi eng grouss Maschinn. E Päerd ass och vill méi liicht wéi eng Maschinn, an doduerch hu mer manner Buedemverdichtung, doduerch kann d'Päerd vun de Schneisen, déi fir de Schleeftrakter virgesinn a gezechent sinn, erofgoen well et jo méi no bei de Bam muss fir en unzeträmpelen. Punkto Emweltschutz mécht e Päerd natierlech souzesoe kee Kaméidi, an et entsti keng Ofgasen duerch d'Verbrennen vu fossile Brennstoffen. En Nodeel fir mam Päerd ze schleefen ass, datt et méi deier gëtt wéi mat der Maschinn. Ma mëttlerweilen ginn héich Subsidien ausbezuelte wann

Moies den 29. Abrëll 2026 waren d'Joffere Claudine Berger & Conny Elsen mam Cycle 3.2 eis dobäi iwwer d'Schëllere kucken. De selwechten Dag waren Mëttes och d'Schoulmeeschteren Damien König an Miguel Bessa Louenco mat hierem Cycle 3.1 an de Bësch kommen. D'Kanner waren sichtleg impressionnéiert!

GROSS BOTZ – 13. & 14. MÄERZ

13. Mäerz – Schouklussen

14. Mäerz – Matbierger aus der Gemeng

No e puer Joer Paus gouf an der Fiels endlech erëm eng grouss Botz organiséiert.

Freides nomëttes sinn d'Schouklussen duerch d'Duerf gaangen an hunn de Knascht, deem si ënnerwee fonnt hunn, agesammelt. Als kleng Mercier kruten si dono an der « Kleederfabrik » e leckert Stéck Kuch an eppes ze drénken.

Den Samschdeg, de 14. Mäerz, waren d'Matbierger un der Rei. Vill motivéiert Fräiwëlleger hunn sech zesumme fonnt, fir bei der Aktioun matzehëllefen an eist Duerf e Stéck méi propper ze maachen. Et huet eis immens gefreet, esou vill Engagement ze gesinn! Och si goufen als Mercier mat engem klengem Wupp an engem Gedränk belount.

E grouse Mercier geet och un d'« Amicale », déi sech ëm de Grillstand gekëmmert huet.

Mir soen jidderengem, dee matgemaach huet, villmools Mercier a freeën eis schonn elo op d'nächst Joer!



Mini-Projeten an de Beräicher *Kultur & Tourismus* gesicht!

Dir hutt eng flott Iddi fir e klengje Projet an
Ärer Gemeng oder an der Region
Mëllerdall?

Am Kader vum Umbrella-Projet ënnerstëtzt
de LEADER Mëllerdall klengje Projeten an
Initiativen.

Thema:
Kultur & Tourismus

Subside vu bis zu 4.000€
pro Mini-Projet!

Dir kënnt Är Iddi areeche bis den
04. September 2026

Start vun de Projeten:
ab Oktober 2026

Maximal Lafzäit: 1 Joer



SCAN MECH!

Hutt Dir nach Froen?
Da kontaktéiert gären eise Büro!



LEADER Mëllerdall
T: 26 72 16 30
mellerdall@leader.lu
www.leader.lu/mellerdall



Cofinancé par
l'Union européenne



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Pêche

D'FIELSER JUGENDHAUS – E BLÉCK AN DEN ALLDAG

Am Zentrum vun der Fiels läit d'Jugendhaus, eng wichteg Ulafstell fir Jonker aus der ganzer Gemeng. Et bitt net nëmmen e Fräizäitzentrum, mee och e Raum, an deem Jonker sech wuel fillen a sech fräi kënnen entwéckelen.

D'Jugendhaus zeechent sech duerch säi familiäre Kader aus. D'Relatiounen tëscht de Jonken an dem pädagogesche Personal baséieren op Vertrauen, Respekt an Oppenheet. Jidderee gëtt ugeholl, wéi en ass, wat zu enger respektvoller an agreabler Atmosphär bäidréit.

Am Alldag komme ronn eng gutt Dose Jonker an d'Haus, wat eng roueg a perséinlech Betreierung erméiglecht. Freides gëtt et méi lieweg, mat em di 30 Jonker, déi beienee kommen, fir d'Woch zesummen ofzeschléissen.

Aktuell si Gesellschaftsspiller besonnesch beléift. Hei steet net de Gewinn am Mëttelpunkt, mee de gemeinsame Spaass an den Austausch. Och d'Grillen ass bei guddem Wieder eng regelméisseg Aktivitéit, bei där di Jonk aktiv matmaachen an esou d'Gemeinschaftsgefill gestärkt gëtt.

Och wann Freides eng méi lieweg Dynamik entsteet, bleift de familiäre Charakter erhale. Dës Kombinatioun aus engem rouegen Alldag an engem méi beliebten an animéierten Ënn vun der Woch mécht d'Jugendhaus zu enger besonnescher Plaz.

E wichteg Bestanddeel ass och den Austausch am Alldag. A ville Gespréicher gëtt iwwer Schoul, Fräizäit oder perséinlech Theme geschwat. D'Jugendhaus bitt domat e séchere Raum fir Oppenheet an Nolauschteren. D'Equipe vun den Educateuren iwwerhëlt dobäi eng zentral Roll. Si begleeden di Jonk, lauschteren no a stinn hinnen ënnerstëtzend zur Säit. Duerch hir Präsenz droen si dozou bäi, e respektvollt a vertrauensvollt Ëmfeld ze schafen.



Dëse familiäre Kader weist, datt et net ëmmer grouss Evenementer brauch, fir wäertvoll Jugendarbecht ze leeschten. Oft sinn et déi einfach Momenter, wei zesumme spillen, sech austauschen, kachen oder laachen, déi am meeschten zielen, laangfristeg positiv Erfarunge schafen an de sozialen Zesummenhalt stäerken.



FIELSER JUGENDHAUS

Du hues Loscht op Aktivitéiten?
Dann ass eist Jugendhaus déi richtig Adress!
Eise Programm riicht sech u Jonker
ab dem Cycle 4.2 oder ab 12 Joer.

HELLO
SUMMER

PROGRAMM VUM

01.05.2026 – 31.08.2026

Öffnungszeiten

Méindes	14:00 - 19:00
Dënschdes	14:00 - 19:00
Mëttwochs	14:00 - 19:00
Donneschdes	14:00 - 19:00
Freides	14:00 - 22:00
Samschdes	Occasionnel



Highlights


QUIZWOCHEN MAT

GEWËNNSPILL!

KARTING!

DÄI SUMMER –

DENG AKTIVITEITEN!



PROGRAMM FIR MEE – JUNI – JULI – AUGUST 2026

MEE

Datum op Nofro!	Shopping Tour
26.05. – 29.05.26	Quizwoch mat Gewënnspl
29.05.26	Lasergame

JUNI

01.06. – 05.06.26	Quizwoch mat Gewënnspl
19.06.26	Jugendfloumaart
Datum op Nofro!	Outdoor Fitness Parcours

JULI

Datum op Nofro!	Karting
24.07.26	Summernight – Let's Party!

AUGUST

Däi Summer	Deng Aktivitéiten!
-------------------	--------------------

Weider Informatiounen an Umeldung

FIELSER JUGENDHAUS

4, rue du Pain
L-7623 Larochette
T. (+352) 26 87 16
M. (+352) 691 999 293
mjarochette@youthhostels.lu
www.youthhostels.lu/mjarochette

**Wëlls du nei Saachen erliewen?
Da komm laanscht a gestallt däi
Jugendhaus-Programm mat dengem Iddien!**

Vu Januar bis Dezember fënns du am Jugendhaus nieft diverse reegelméissegem Aktivitéiten awer och eng edukativ Equipe, déi dir mat Rot an Dot a schouleschen, privaten a beruffleche Froe gären zur Säit steet.

Abonnéiert eis:



Jugendhaus Fiels



jugendhaus_fiels



mjarochette



COMMISSION SOCIALE / COMMISSION DU VIVRE ENSEMBLE

Den 12. Abrëll huet déi éischt Editioun vum Thé dansant stattfonnt. Dëse gouf organiséiert an Zesummenaarbecht vun der Commission Sociale an der Commission du Vivre ensemble.

Musikalesch encadréiert gouf dësen Nomëtteg vum Marion Welter a vum Rol Girres, déi fir eng flott Stëmmung gesuergt hunn. Deemno ass och vill gedantz ginn.

Et war e schéine Succès an d'Participanten sinn duerno zefridden heemgaangen.



Mir wëllen iech och gären op eis kommend Aktivitéiten hiweisen.

Fir d'Rentnerfest den 12.11.2026 ginn all Awunner iwwer 65 perséinlech invitéiert op e gemittlechen Owend. E gudden Maufel, verbonne mat engem gudden Patt därefen hei net feelen.

Fir d'Joer ofzeschléissen lancéiere mer d'"Advents-fënster 2026". Loosst iech iwwerraschen a maacht mat! Heizou fannt der den Umeldeformulaire hei am Bulletin communal.





D'Sozialkommissioun an Zesummenaarbecht mat der Kommissioun vum « Vivre ensemble » vun der Fielser Gemeng lancéieren de Projet vun der

ADVENTSFËNSTER 2026

dee vum 1. bis de 24. Dezember allkéiers vun 18 – 20 Auer geet.

Wann dir mat derbäi wëllt sinn, da mellst iech wgl. iwwer d'E-Mail-Adresse events@larochette.lu bis spéitstens den 1. November 2026.

Gitt wgl. folgend Donnéeën un:

- Datum vun ärer Adventsfenster
- Aktiv oder passiv Adventsfenster
- Är Adress
- Är Telefonsnummer

Aktiv Fenster = eng schéin dekoréiert Fenster AN eppes ze drénken, eppes ze iessen, passend Musek, eng Geschicht ...

Passiv Fenster = eng schéin dekoréiert Fenster Fir datt d'Visiteuren op all Datum déi passend

Adventsfenster fannen, biede mer iech dësen Datum an ärer Fenster mat dran ze hunn, z.B. 6 fir de 6. Dezember. D'Fenster soll, vum 1. bis de 24. Dezember all Owend vun 18 Auer u beliicht sinn. Et wier schéin, wann dir dëst bis de 6. Januar kéint weider féieren.

Informatiounen iwwert d'Adventsfenster mat den Adresse wou der se fannt, kritt dir bis Enn November als Flyer an äre Bréifkëscht, um Internetsite vun der Gemeng Fiels <https://larochette.lu> an op der Facebooksäit vun der Gemeng Fiels matgedeelt.

Mir soen iech am Viraus scho Villmools Merci datt der matmaacht a wënschen iech eng schéin a besënnlech Adventszäit.



MAISON RELAIS GRUPPE KIEWERLEKEN (PRÉCOCE/CYCLE 1)

Im Rahmen unseres Projekts „Rund um die Welt“ begaben sich die Kinder auf eine spannende Entdeckungsreise durch alle Kontinente. Woche für Woche lernten sie einen neuen Teil unserer Erde kennen und tauchten mit viel Neugier und Freude in verschiedene Kulturen ein. Mit abwechslungsreichen Aktivitäten wurde das Gelernte lebendig und so bereiteten die Kinder beispielsweise Sushi zu, tanzten Samba oder bastelten und testeten ihre eigenen Bumerangs.

Den krönenden Abschluss bildete ein gemeinsamer Elternabend. An liebevoll gestalteten Stationen zu jedem Kontinent konnten die Kinder ihr Wissen zeigen und selbst aktiv werden. Für jede erfolgreich absolvierte Station erhielten sie einen Stempel in ihren „Reisepass“. War dieser vollständig gefüllt, wurden die Kinder mit einem Zertifikat ausgezeichnet und durften sich stolz „Reiseentdecker“ nennen.

Ein besonderes Highlight war das internationale Buffet, zu dem verschiedene Eltern Speisen aus ihrer Heimat mitbrachten und so die kulinarische Vielfalt der Welt erlebbar machten.



KREATIVES KARNEVALSPROJEKT DER MAISON RELAIS LAROCLETTE

Im Februar nahm die Maison Relais Larochette auf Einladung der Maison Relais Medernach mit über 40 Kindern an einem Karnevalsumzug in Medernach teil. Bereits sechs Wochen zuvor startete dazu ein gemeinsames Kostümprojekt innerhalb der Einrichtung.

Zu Beginn des Projekts sammelten die Kinder gemeinsam verschiedene Ideen für passende Karnevalskostüme. Anschließend stimmten die drei Gruppen der Maison Relais jeweils über ihr eigenes Motto ab. Dabei entschied sich eine Gruppe für das Thema „Maler“, eine weitere Gruppe wählte „Astronauten“ und die dritte Gruppe gestaltete ihre Kostüme ganz individuell nach eigenen Ideen.

Gemeinsam mit den pädagogischen Fachkräften



wurden Materialien organisiert und die Kostüme kreativ und individuell gestaltet. Mit viel Farbe, Fantasie und Begeisterung entstanden bunte Kittel, selbst gestaltete T-Shirts sowie verschiedene Accessoires.

„Am schönsten war, dass jedes Kostüm anders aussah und wir trotzdem alle zusammengehört haben“, berichtete eines der Kinder begeistert nach dem Umzug.

Der Karnevalsumzug in Medernach wurde für die Kinder zu einem besonderen gemeinschaftlichen Erlebnis. Stolz präsentierten sie ihre selbst gestalteten Kostüme und sorgten mit ihren kreativen Verkleidungen für gute Stimmung beim Publikum.



CRÈCHE (GRUPP DECKELSMOUK)

Wéinst eisem Bewegungsprojet, ginn mir all Woch an d'Sportshal an an de Bësch.



FEIERLECH UGDA-DIPLOMIWVERREECHUNG AM EUROPEAN CONVENTION CENTER

(Photo: J.M. "Lupo" Ludowicy - lupo.lu)

An enger feierlecher Atmosphär huet de Samsden, 7. Februar 2026 am European Convention Center Luxembourg an der Stadt déi national Diplomiwverreechung vun der Union Grand-Duc Adolphe (UGDA) stattfonnt. Déi feierlech Zeremonie ass all Joer ee besonneschen Héichpunkt am Kalenner vun de Museksschoulen a setzt d'Engagement an déi musikaalesch Leeschtunge vu ville jonke Musekerinnen a Museker aus dem ganze Land an de Mëttelpunkt.

An hiren Usproochen hunn d' Gemengevertrieder de grouse Stelleväert vun der Musek an der Gemeinschaft ervirgehuewen. Eis Gemeng weist sech houfreg op hir jonk Talenter, déi mat hirem Erfolleg zum kulturelle Liewen bäidroen an de musikaaleschen Niveau am Land matdroen.

Mir gratuléieren alle Laureaten häerzlech zu hirem Erfolleg a wënschen hinnen och an Zukunft vill Freed a Begeeschterung op hirem musikaalesche Wee.



Och aus eiser Gemeng hunn Schülerinnen a Schüler d'Prüfungen mat Erfolleg ofgeschloss a konnten am Kader vun der offizieller Feier hiert Diplom entgéinnehuelen. Virun engem grouse Public goufe si fir hiren Asaz, hir Ausdauer an hiert Talent ausgezechent.



NUIT DU SPORT





NATIONALFEIERDAG 2026

Fotoen: Théo Lert / MOAST Creative Studio a Laura Patat

Och dëst Joer gouf de Virowend vum Nationalfeierdag nees feierlech an der Gemeng begangen. Den offizielle Cortège ass um 18:00 Auer gestart, gefollegt vun der traditioneller Mass.

Uschléissend huet de Buergermeeschter seng Ried gehalen, ier d'Feierlechkeete bei engem gemittleche Patt zu Éiere vum Gebuertsdag vum Grand-Duc, hire weidere Verlaf geholl hunn. A flotter an ausgelossener Atmosphär gouf duerno nach bis spéit an den Owend zesumme gefeiert, mat vill gudder Stëmmung a flotte Momenter fir jiddereen. Mir soe Merci fir dëse flotten Owend!









Mittelaltermoart

Fête médiévale Mittelalterfest

15.-16.08. Anno 26



Sa 12 - 22 Uhr So 11 - 18 Uhr

Place Bleech

L-7610 Larochette Fels

Eintritt frei

Musik
Gaukler
Handwerk
Kinderprogramm
Händler Speis, Trank



Samstag Abend Feuershow

In Zusammenarbeit mit

Weitere Infos

www.lorraine-medievale.de



Samsdes, 19. September 2026

DOUBLETTE PETANQUE TURNÉIER

Max. 16 Ekippen

Umeldung bis den 09.09
phde93@gmail.com - T 621 379 179

**Ab
10h00**

**20€
pro Ekip**

an der
Fiels
um
**Petanque
Terrain**
Miedernacher Strooss


**Fir lessen &
Gedrénks ass
gesuergt**

**Just
for fun**



**Jiddereen ass härerlech wëllkomm,
och wann een net spillt! Den Entrée ass fräi!**

Org. Kommissioun „Beweeg dech“



Gemeng **Fiels**

MANIFESTATIUNSKALENNER

MËTTELALTERFEST – 15. & 16. AUGUST

Dëst Joer fënnt de 15. an 16. August op der « Place Bleech » e Mëttelalterfest statt. Hei kënn Dir an d'Welt vum Mëttelalter andauchen an viles ronderëm dëst spannend Thema entdecken – sief et Handwierk, Beruffer, Kleedung oder nach vill aner Facetten aus där Zäit.

Mir freeën eis, lech bei dëser Geleeënheet begrüessen ze kënnen an zesummen e flotten a gesellege Weekend ze verbréngen.

ELEKTROFESTIVAL DEN 28 & 29 AUGUST

Een anert Highlight steet den 28. an 29. August op der Buerg an der Fiels um Programm. An dëser eenzegaarteger Kuliss fënnt en Elektrofestival statt, dat mat senger spezieller Atmosphär a senger aussergewöhnlecher Locatioun begeeschtert. Weider Detailer zum Programm an zu den Ticketen fannt Dir op monuments.lu/event-list.

RALI DO FADO E CANÇÕES 2026

E Ralli vum traditionelle Fado an lëtzebuurger Musek. Och dëst Joer fënnt an der Fiels nees den traditionelle RALI DO FADO E CANÇÕES statt. Dëst Evenement verbënnt déi traditionell Fado-Musek mat lëtzebuergesche Kläng a suergt esou fir eng eenzegaarteg musikalesch Atmosphär.

Nieft den traditionelle Kënschtler wäerten dëst Joer och verschidde lëtzebuergesch Artisten op der Bün stoen a fir e flotte musikalesche Mix suergen.

D'Evenement fënnt den 12. September statt a leeft vun 12:00 bis 21:00 Auer. Mat gudder Stëmmung, vill Musek an enger fantastescher Ambiance ass fir jiddereen eppes dobäi.

Kommt laanscht an entdeckt déi traditionell Fado-Musek an enger spannender Kombinatioun mat lëtzebuergescher Musek!


Wieder Informatiounen zum Programm fannt Dir op : <https://www.loversoftheuniverse.com/>

17. – 26. Juli	Kiermes, Org. : Commune de Larochette
19. Juli	Braderie
26. Juli	Stroossemart
2. August	Konscht op der Bleech, Org.: L'Art-Rochette bis
15. – 16. August	Mëttelalterfest, Org.: Lorraine Médiévale
28. – 29. August	Elektrofestival op der Buerg Org.: Centre des Monuments du Grand-Duché de Luxembourg – CML
30. August	IVV Wanderung, Org.: Cercle pédestre Larochette
2. – 4. September	Exposition am Centre culturel, Org.: L'Art-Rochette bis
12. September	FADO, Org. : Lovers of the Universe et Commune de Larochette
18 -19. September	Croix Rouge : Second Hand Mart
24. September	Marché/Maart
10. Oktober	Ateliers pour enfants au centre culturel, Org.: Centre Redentor
10.+11. Oktober	Quetschefest, Org.: Fielser Musik an Fielser Pompjeeën
17. Oktober	Blummenmart, Org.: Amis de la Fleur Larochette
25. Oktober	Halloweenparty, Org.: APEEFL
29. Oktober	Marché/Maart
13. November	Rentnerfeier, Org.: Sozialkommission + Kommissioun vum Zesummenliewen
21. November	Hierkefest, Org.: Amis de la Fleur
29. November	De Kleeschen kënn an der Fiels, Org.: APEEFL
10. – 13. Dezember	Capoeira/Fête culturelle, Org.: Capeira Larochette
11. – 13. Dezember	Wantermaart op der Bleech, Org.: Kulturkommission

SEPTEMBRE 12, 2026

RALI *do* **FADO** **3^A EDIÇÃO** **E CANÇÕES**

**FADO TRADITIONNEL
DU PORTUGAL ET
MUSIQUES DU
LUXEMBOURG**



PLUS D'INFORMATIONS SUR
WWW.LOVERSOFTHEUNIVERSE.COM

VIE ASSOCIATIVE

ÄR VERÄINER

tous les textes et les photos sont publiés sous la responsabilité des associations respectives

AMIS DE LA FLEUR FIELS-IERNZEN

GENERALVERSAMMLUNG VUN DEN AMIS DE LA FLEUR

Den 9. Februar hate mir eis Generalversammlung zesumme mat de Gewënner vum Village fleuri a fir d'éischte Kéier hu mir laangjäreg Membere mat der gëllener Rous geéiert. Mir konnten deen Owend och den Här Léon Wietor vun der Liga begréissen. Fir hien ass dat eng Freed an Éier bei eis an der Gesellegkeet ze sinn.

Mir hunn nach 95 Memberen a sinn ëmmer frou, wann der am Laf vum Joer bäikommen. Et falen der och alt mol ewech, sief et duerch Stierffall oder Mangel un Interessé. Fir an dem Comité ze hëllefen, wiere mir och frou, wann nach deen een oder deen aneren sech géif mellen. Mir sinn eng gutt Equipe, mee ginn och net méi "jonk". Bei Interessé kënnt dir lech gäre beim Här Roger Antoine oder dem Carine Schanen-Schmitz mellen.



FRÉIJOERS-BLUMMEMAART




SPAGHETTISFEST

Sonndes den 22. Mäerz hate mir mat vollem Succès eist Spaghettisfest mat Tombola. Trotz deem super Wieder sinn d'Leit gären bei eis méi laang sëtze bliwwen fir nach ee Patt ze drénken oder mateneen ze poteren.



LANDESGARTENSCHAU ZU NEUSS DEN 9. AN 10. MAI



APEEFL DAT GANZT JOER AM SATZ

D'Eltereevereenegung aus der Gemeng Fiels (APEEFL) huet och an der éischter Halschent vum Joer erëm vill flott Momenter fir Kanner a hier Elteren organiséiert an domat de Gemeinschaftsgeescht gestärkt. Beim lëschtege Fuesbal mat ville Kanner an engagierten Elteren ass am Februar vill Freed a gudde Stëmmung opkomm. Och d'Ouschtereer-Fierwen huet grouss Zoustëmmung fonnt an fir faarweg, kreativ Momenter gesuergt. Fir d'Erhale vun enger aler lëtzebuergescher Traditioun – dem Klibberen – sinn a ganz eegener Regie e puer Mammen a Kanner duerch d'Fiels gezunn an hunn dës schéin Traditioun lieweg gehalen. Eng wäertvoll Aarbecht, déi d'lokal Veräinsliewen an d'Traditiounen nohalteg stärkt.



